PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

Duerch een Accord tëscht der Fédération des Artisans, dem OGBL an dem LCGB gouf 2015 an engem Règlement grand-ducal festgehalen, dass 0,5% vun der Masse salariale annuelle un d'Centres de compétences bezuelt gëtt, fir esou Formatioune fir d'Handwierksbetriber ze finanzéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Verschidde Formatioune gi vun de Centre de compétences proposéiert, am Endeffekt dann awer net organiséiert, wëll eng gewëssen Unzuel u Participanten net erreecht ka ginn.

    - Wat ass d'Mindestzuel un Léit, déi sech musse mëllen, fir dass eng Formatioun organiséiert gëtt?
    - Wéi steet de Minister zu der Iddi, dass verschidde Formatiounen, och wann se déi néideg Unzuel u Participanten net erreechen, no enger gewëssen Zäitspan awer organiséiert ginn, falls sech eenzel Léit ëmmer erëm fir dës Formatiounen ageschriwwen hunn?

2. Zum **Neistart Lëtzebuerg** gehéiert och een ökologesche Volet. Esou solle Privatléit vu méi héije Subventioune kënne profitéieren, wann si d'Energieklass vun hirem d'Haus oder hier Wunneng wëllen opbesseren, zum Beispill duerch eng verbessert Isolatioun.

    Ginn an dësem Kader scho Formatioune fir Handwierksbetriber organiséiert?
    Falls jo, wéi eng? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député